



Honger? Een enken Zäitplang? Ob der Sich no qualitativ héichwärtigen lessensgeleeënheiten oder no engem Snack-Erliefnes?

Dann hutt Dir mat **Snack Track** genee déi richtig App fonnt! Mat nëmmen wéinegen Klicks fannt Dir all Foodtrucks an lessbuden an ärer Ëmgéigend an doriwwer eraus.

D'App gouf an engem Zäitraum vun 10 Méint vun dem 17-järegen Schüler Loris Wilwert aus dem Kolléisch entwéckelt an ass am App Store esou wéi am Google Play Store verfügbar. D'App ass esouwuel fir den Besëtzer vum Foodtruck an vun der lessbud ewéi och fir den Notzer komplett gratis.

Den Prinzip vun den Foodtrucks an lessbuden ass en Trend, deen an den leschten Joren ëmmer méi zou geholl huet. Fir den Iwwerbléck iwwer dei grouss Vielfalt un lessensgeleeënheiten ze behalen, huet den Loris d'Initiativ ergraff an Snack Track an d'Liewen geruff.

D'Funktionsweis vun der App ass benutzerfrëndlech gestalt. Dezent, awer gutt siichtbar Spéngelen kennzeechen op enger Kaart d'Standuerter vun den Foodtrucks an vun den lessbuden. Bei der Beréierung vun enger Spéngel ginn dem Notzer, an enger klenger Iwwersicht, interessant an nätzlech Informatiounen ugewisen.

Geet den Notzer op d'Profil vun engem Foodtruck oder vun enger lessbud, dann kritt hien eng Vielfalt vun Informatiounen: d'Öffnungszäiten, den aktuellen an déi zukünfteg Standuerter mat Navigationsfunktioon, eng Menüskaart mat eventuell disponibelen Spezialofferen esou wéi eng Rei vun zousätzlechen Informatiounen.



Des Weideren kann een duerch eng einfach Facebook-Umeldung zu all Moment an vun iwwerall aus seng Snack-Erliefneser dank enger Echtzäit-Kommentar-Funktioon mat aneren Benotzer austauschen.

Ob een Event oder Top-Spezialofferen, **Snack Track** hält den Notzer ëmmer um neisten Stand, fir him esou dat beschméiglecht Snack-Erliefnes kënnen ze offréieren. Doriwwer eraus informéiert **Snack Track** den Notzer iwwer nei bäigesaten Foodtrucks oder lessbuden oder iwwer besonnesch Recommendatiounen.

Afrikanesch, asiatesch, amerikanesch oder dach léiwer eppes aneres? Mat Hëllef vun enger gutt duerchduechten Sichfunktioon kann den Notzer entweder no konkreten Nimm sichen oder seng perséinlech Geschmaachsrichtung bannent 18 lessenskategorien ausfënneg maachen – vun vegetaresch iwver franséisch bis hin zu italiennesch.

Fir der Internationalitéit vun der Snack-Community gerecht ze ginn, ass d'Benotzeruewerfläch vun **Snack Track** an véier Sproochen verfügbar: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch.

D'Besëtzer vun engem Foodtruck oder enger lessbud kënnen sech op der Websäit www.snack-track.com registréieren an mat Hëllef vun hirem perséinlechen Dashboard hier Donnéeën an Echtzäit verwalten an aktualiséieren.

Wichteg weider Informatiounen:

Websäit: www.snack-track.com

App Store: <https://itunes.apple.com/lu/app/snack-track/id1326863276?l=de&mt=8>

Google Play Store: <https://play.google.com/store/apps/details?id=com.lowisoft.snacktrack>

Facebook: <https://www.facebook.com/SnackTrackApp/>

